ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4444**
Reçue le 09.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.06.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Den 3. Juni hat den Här Transportminister zesumme mat sengem belschen Amtskolleeg Georges Gilkinet eng Pressekonferenz iwwer d'Moderniséierung vun der Zuchstreck Lëtzebuerg-Bréissel ginn. Aktuell dauert sou eng Faart ronn 3 Stonnen an 12 Minutten. Am Artikel "In die Länge gezogen" zu deem Sujet, deen de 4. Juni am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, gëtt den Här Transportminister ënner anerem mat folgende Wierder zitéiert: "*Während es Ende der 1970er Jahre möglich war, die beiden Hauptstädte in zwei Stunden und 15 Minuten zu erreichen, ist man mehr als 40 Jahre später weit davon entfernt".* Des Weideren erënnert d'Lëtzebuerger Wort drun, datt den Här Staatsminister schonn 2016 versprach hat, datt d'Fuerzäit ob dëser Streck bis 2023 op 2 Stonnen a 7 Minutte géif reduzéiert ginn. Mëttlerweil gëtt 2028 als Zildatum fir eng Reduktioun vun der Gesamtfuerzäit envisagéiert, mee och dann soll et sech just nach em eng hallef Stonn handelen. Den Här Transportminister verdeedegt sech awer, datt déi néideg Investissementer vu Lëtzebuerger Säit virgeholl gi wieren an datt Lëtzebuerg net Wëlles wier, den Ausbau vun der Streck ob belscher Säit ze cofinanzéieren. Allerdéngs sinn aus der Vergaangenheet och Präzedenzfäll bekannt, wou Lëtzebuerg den ëmgekéierte Wee gaangen ass. Sou hu mir eis notamment mat knapp 120 Milliounen Euro um Ausbau vum TGV-EST bedeelegt an 8 Milliounen Euro zum Ausbau vun der Streck Waasserbëlleg-Tréier bäigesteiert.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Transportminister gär des Froe stellen:

1) Wéi eng technesch a politesch Decisiounen op Lëtzebuerger an/oder Belscher Säit, respektiv bilateral Accorden hunn dozou gefouert, datt d'Reesvitesse op der Streck Lëtzebuerg-Bréissel, trotz dem immensen technologesche Fortschrëtt am Beräich vun der Eisebunn, säit den 1970er Joren sou dramatesch zeréckgaangen ass?
2) Wéi eng Schwieregkeeten hunn dozou gefouert, datt dee vum Här Staatsminister 2016 an Aussicht gestallten Zäitplang iwwert den Ausbau vun der genannter Streck sech sou staark verzögert?
3) Gëtt e festen, technesche Krittärekatalog, ob deem senger Basis d'Regierung iwwert hir finanziell Bedeelegung um Ausbau vun auslännesche Schinnennetzer decidéiert oder handelt sech hei em reng politesch Decisiounen? Wéi eng konkret Argumenter schwätzen an dësem Fall géint eng Lëtzebuergesch Cofinanzéierung vun den Aarbechten op Belscher Säit? Wéi ënnerscheet dëse Fall sech vun deenen uewen zitéierte Bedeelegungen vis-à-vis vun Däitschland a Frankräich?
4) An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 4203, déi ech zesumme mam honorablen Deputéierten Här Fernand Kartheiser gestallt hat, schreift den Här

Transportminister ënnert anerem Follgendes: "*D'Regierung engagéiert sech op europäeschem Niveau, fir datt d'Eisebunn méi attraktiv gemaach gëtt, dëst fir à moyen terme och Ubannungen u grouss Fluchhafen a Stied fir Passagéier méi interessant ze maachen, esou datt d'Offer vun diversen Zuchverbindunge vu Lëtzebuerg an d' Ausland et de Passagéier erlaabt déi grouss Fluchhafen a Stied och mat der Bunn z'erreechen*". Gesäit d'Regierung hei e Widdersproch zu der allgemenger Gestioun vum Ausbau vun der Streck Lëtzebuerg-Bréissel?

5) Wéi passen déi immens Schwieregkeete beim Ausbau vun dëser Zuchstreck mat der Klimapolitik vun der Regierung an hire selwer definéierten Ziler vun der Reduktioun vun den Zäregasemissiounen zesummen? Hält d'Regierung et wierklech fir opportun, notamment Leit mat engem klenge Revenu duerch Moossname wéi d'Zäregassteier ëmmer méi vun der individueller Mobilitéit ofzeschneiden, wann de Staat beim Ausbau vun deene propagéierten Alternativen selwer sou schlecht Resultater opweist?
6) Wéi eng Chancen oder Schwieregkeete gesäit d'Regierung an deem Zesummenhang an der Liberaliséierung vun deene wirtschaftlech rentabelen Eisebunnsverbindungen zwëschent der Stat Lëtzebuerg an anere groussen europäesche Stied?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

N° 4444
Reçue le 08.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 08 JUIL. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4444 du 9 juin 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la ligne ferroviaire Bruxelles-Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Ufro N°4444 vum 9. Juni 2021 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen zum Sujet "Ligne ferroviaire Bruxelles-Luxembourg"**

D'Achs 3 (Linnen 161 an 162 an der Belsch) verbënnt déi 2 europäesch Haaptstied Bréissel a Lëtzebuerg an ass eng wichteg Achs fir den internationalen Verkéier. D'Zil ass fir d'Referenzvitesse vun 130 km/h op 160 km/h ze erhéijen.

D'Aarbechten op der Streck an der Belsch hunn am Joer 2007 ugefaangen. Op der lëtzebuergescher Säit ass d'Streck tëschent Lëtzebuerg bis op déi belsch Grenz moderniséiert ginn. An enger éischter Phase sinn d'Postes directeurs an d'Signalisatiounsinstallatiounen erneiert ginn. An der zweeter Phase ass d'Streck mat Wiesselstroum 25 kV 50 Hz reelektrifizéiert ginn. Déi zweet Phase ass wärend der Summervakanz 2018 realiséiert ginn an d'Aarbechten haaten ee finanziellen Impakt vun +- 100 Mio Euro.

D'Visioun vun der Referenzvitesse op der belscher Säit, no Ofschloss vun den Aarbechten, ass kompetitiv am Verglach mat der Strooss:
2 Stonnen a 5 Minutten fir d'IC'en, déi een Arrêt zu Arel, Libramont a Namur hunn (moies hin an owes zréck) an 2 Stonnen a 30 Minutten fir d'IC'en, déi dertëschent zirkuléieren an déi méi kommerziell Arrêten ubidden. De Schnellzuch (IC+) mat Départ vu Lëtzebuerg um 6h50 ass leider zanter dem 12/2017 wéinst Aarbechten um Infrabel Reseau suppriméiert an ass och net méi, wéi ufangs geplangt, opgrond vu Retarden vum Infrastrukturbedreiwer Infrabel, reaktivéiert ginn, esou ewéi all d'Schnellzich, déi déi 2 Haaptstied mateneen verbannen.

Dësen Zuch ass allerdéngs vun enger zentraler europäescher Bedeitung fir sech kënnen kompetitiv zu der Strooss ze déplacéieren an fir zu Bréissel un den Reuniounen vun den europäeschen Institutiounen am *Quartier européen* kënnen deelzehuelen.

Opgrond vun Aarbechten, déi vum Infrastrukturbedreiwer Infrabel op der Linn 162 realiséiert gin, a well keng performant Sillonen méi konnten ugebuede ginn, sinn déi 6 Zich IC+ suppriméiert ginn. De Fonctionnement wärend den Aarbechten vu just engem Gleis, erlaabt et laut Infrabel net, zousätzlech zu der Basisoffer Bruxelles-Luxembourg an Libramont-Arlon, weider Schnellzich passéieren ze loossen.

Aktuell huet den Här Minister Georges Gilkinet kierzlech d'Enn vun den Modernisatiounsaarbechten op der Linn 162 fir 2028 annoncéiert. Et ass fir d'SNCB schwiereg fir virun 2028 d'Zirkulatioun vun den Schnellzich op laang Siicht zu präzisen Zäiten festzeleeën, well d'SNCB net a Besëtz vu präzisen Informatiounen zu den disponibelen Infrastrukturen (Zones de Croisement, Vitesse,...) vu Säiten vun Infrabel ass, déi iwer den Zäitraum vun 12 Méint erausgoe géifen.

Den séieren Ofschloss vun den Aarbechten tëschent Bréissel an der belge-lëtzebuergescher Grenz ass eng conditio sine qua non fir Schnellzich tëschent Bréissel a Lëtzebuerg, mat Verlängerung op Stroossbuerg a Weiderfaart Richtung Schwäiz an Italien am Kontext vun der Initiativ TEE 2.0., zirkuléieren ze loossen.

An engem gemeinsame Schreiwes vum 14. Januar 2021, an op Initiativ vu Lëtzebuerg, hunn ech zesummen mam Här Goerges Gilkinet, belschen Vize-Premier a Mobilitéitsminister, een dréngenden Appel un den Här Frans Timmermanns, EU-Kommissiounsvizepräsident a zoustänneg fir den Green Deal fir Europa, lancéiert, fir europäesch Finanzéierungsquellen fir d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg am Kader vum Investitiounsplang fir en nohaltegt Europa ze mobiliséieren. D'Fuerderung ass kloer: mir wëllen dringend europäesch Finanzéierungsquellen fir d'Achs Bréissel-Lëtzebuerg mobiliséieren.

An engem Courrier vum 10. Mäerz 2021 huet d'europäesch Kommissioun eis e *Soutien de principe* fir dee Projet assuréiert. An dem Schreiwes annoncéiert den europäeschen Koordinator och, dass en Aarbechtsgrupp wäert organiséiert ginn fir en Etat des lieux vun der Situatioun ze zéien a fir Froen puncto Infrastruktur, aktuell Begrenzungen an Arrêten z'abordéieren. Dëst ënner Abannung vun den franséischen Autoritéiten fir de Volet Lëtzebuerg-Stroossbuerg an doriwwer eraus.